Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°3542 du 28 janvier 2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant le siège d'ArcelorMittal

Am Kader vun der Restrukturatioun bei ArcelorMittal haten d'Verhandlungen an der Stoltripartite engersäits als Zil fir de sozialen Impakt fir dat betraffent Personal esou kleng wéi méiglech ze halen, a gläichzäiteg fir vum Stolproduzent en industrielle Plang mat konkreten Investitioune fir déi verschidde Lëtzebuerger Wierker vum Grupp ze kréien.

En Sozialplang konnt deemno duerch dës Stoltripartite evitéiert ginn an déi betraffe Mataarbechter wäerte vun engem „Plan de maintien dans l'emploi" profitéieren. Dëse gesäit och d'Méiglegkét vir, dass Salariéen a verschidden Alterskategorië vun enger Préretraite-Ajustement kënne profitéieren.

Den Accord „LUX2025" tëschent der Regierung, de Sozialpartner an ArcelorMittal gesäit eng Enveloppe fir strategesch Investitioune vum Betrib tëschent 165 an 202,5 Milliounen Euro fir. Iwwer di nächst 5 Joer gëtt esou an d'Moderniséierung an an d'Entwécklung vun de Site Belval, Déifferdeng, Rodange a Biissen investéiert. Um Site zu Dummeldeng bleiwen eng Rei Aktivitéiten am „Atelier mécanique" weiderhi bestoen.

De Grupp duerch strategesch Investitioune stabiliséieren, mam Dialog tëscht de Sozialpartner den Impakt vun eventuelle Restrukturéierunge minimiséieren an de Siège vum Grupp laangfristeg zu Lëtzebuerg behalen, dat waren nach ëmmer wichteg Sujet'en an der Organisatioun vun ArcelorMittal. Dat war schonn 2006 bei der Reprise vun Arcelor duerch de Grupp Mittal esou, an duerno an de verschidden Tripartitesaccord'en.

Mam Accord „Lux2025" huet de Grupp ArcelorMittal op en Neits seng Absicht formaliséiert, fir den Haaptsiège vum Grupp zu Lëtzebuerg ze behalen. An dësem Accord ginn och d'Zerwisser an d'Funktioune vum Sëtz vum Grupp zousätzlech definéiert.